N°1244
Entrée le 27.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.09.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/09/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den Ausbau vun der Biolandwirtschaft ass wichteg, fir eise Planéit laangfristëg méi nohaltëg ze gestalten. Déi virëg Regieurng hat sech virgeholl, fir d'Biolandwirtschaft massiv auszebauen, wat allerdings an 10 Joren net wierklech gelongen ass. Dat erkläertent Zil am nationalen Plang (PAN Bio 2025), fir 20% vun de lëtzbuergesche Flächen fir d'Biolandwirtschaft ze notzen, wäert net realiséiert ginn.

Et geet net ouni de Staat: eng Kritik, déi all Joer erëm opkënnt, ass dass de Staat selwer net genuch mam gudde Beispill virgeet. Esou zum Beispill an de Schoulkantinnen, wou d'Ausschreiwungen net genuch op BIO cibléiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fläche ginn aktuell fir d'Biolandwirtschaft reservéiert?
2. Wéi vill Fläche rechent d'Regierung, dass bis Enn 2025 wäerte genotzt ginn?
3. Wäert d'Regierung der Kritik an de Schoulkantinne Rechnung droen a méi Bioliewensmëttel hei ënnerstëtzen? Falls jo,
   - wéi vill Geld gëtt heifir méi investéiert an deenen nächste Joren?
   - wéi soll sech de Prozentsaz u Bio-Liewensmëttel an de Schoulen entwéckelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 1244 vun dem éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wéi vill Fläche ginn aktuell fir d'Biolandwirtschaft reservéiert ?**

Op de Stéchdatum 1/10/2024 gëtt d'certifiéiert Biolandwirtschaft op 9.328 ha vun der nationaler Agrarfläch (SAU-Surface agricole utile) bedriwwen. Dat entsprécht 7,7 % vun der nationaler SAU.

**2. Wéi vill Fläche rechent d'Regierung, dass bis Enn 2025 wäerte genotzt ginn ?**

Am Réckbléck ka gesot ginn, datt ab dem Akraafttrieden vum PANBio2025 Ufank 2020 bis den 1/10/2024 d'SAU vu 6.324 ha op 9.328 ha erop gaangen ass, dat entsprécht enger Erhéijung vu 47 %. Et ass de Moment nach ze fréi fir eng genau Prognose fir den Zäitraum 1/10/2024 bis 31/12/2025 kënnen ze treffen.

**3. Wäert d'Regierung der Kritik an de Schoulkantinne Rechnung droen a méi Bioliewensmëttel hei ënnerstëtzen? Falls jo :**

- **wéi vill Geld gëtt heifir méi investéiert an deenen nächste Joren ?**
- **wéi soll sech de Prozentsaz u Bio-Liewensmëttel an de Schoulen entwéckelen ?**

Dank enger innovativer Politik (*Food4Future – Towards more sustainable food systems*), konnt den Educatiounsministère mat Restopolis den Taux vun de Bioproduiten an de Kantinne vun den ëffentleche Lycéeën (an der Universitéit Lëtzebuerg) zanter 2021 konstant erhéijen. Den honorabelen Deputéierte fënnt déi genee Zuelen an dem ugespéngelten Dokument.

Zanter dem 1. September 2024 kafen alleguer d'Kantinne vu Restopolis iwwert déi digital, dynamesch innovativ Akafsplattform *Supply4Future* an. Dës Plattform ass fir d'Produzente vun all Gréisst accessibel iwwert de Portail des marchés publics.

Déi wichtegst Krittären, datt d'Offer vun engem Produzent zeréckbehale gëtt, sinn déi kuerz Liwwerweeër an datt et sech ëm lokal produzéiert Bioliewensmëttel handelt. Dës nei Plattform fërdert deemno d'Produktioun vun de lokale Bioproduite.

Well et awer nach ëmmer vill Produkter ginn, déi net oder kaum an den néidege Quantitéiten zu Lëtzebuerg produzéiert ginn, huet Restopolis op der Internetsäit www.supply4future.lu eng Oplëschtung verëffentlecht mat all de verschiddene Produkter, déi si brauchen.

Op déi Manéier encouragéiert déi nei Plattform och déi lokal Produzente vu Bioliewensmëttel hir Produktioun auszebauen oder nei Produkter unzebauen.

Unhang:

- *Zuele zu den Akeef vu biologeschen a lokale Produiten*


Lëtzebuerg, den 11. November 2024

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

# PAN-BIO GOALS :

| Catégories de produits | Taux visés par le Pan-Bio25 pour 2024 | Taux liés au Pan-Bio25 réalisés lors de la phase pilote | | Dépassement des taux visés par le Pan-Bio25 pour 2024 | |
|---|---|---|---|---|---|
| | | Sites S4F | Sites NON-S4F | Sites S4F | Sites NON-S4F |
| Produits bio-locaux | 17 % | 31 % | 15 % | +14% ↗ | |
| Produits locaux | 46 % | 72 % | 65 % | +26% ↗ | +19% ↗ |



Achats de produits alimentaires locaux phase pilote (09/23 - 07/24)
✓ 100 %
100 %
100 %
100 %
97 %
91 %
90 %
85 %
71 %
81 %
87 %
69 %
66 %
54 %
39 %
46 %
50 %
37 %
45 %
0 %
1%
BOULANGERIE
ŒUFS
CREMERIE & TRAITEUR
BOUCHERIE
VOLAILLE
CONGELE
FRUITS & LEGUMES
BOISSONS
EPICERIE
POISSONNERIE
Sites S4F
Sites NON-S4F

## Provenance des produits NON-BIO proposés sur la plateforme S4F :

| | |
|---|---|
| Luxembourg | 61% |
| France | 10% |
| Belgique | 8% |
| Allemagne | 5% |
| Espagne | 4% |
| Italie | 4% |
| Pays-Bas | 2% |
| Pologne | 1% |
| Portugal | 1% |
| Autres pays U.E. | 0,6% |
| Non-U.E. | 3,4% |

## Provenance des produits BIO proposés sur la plateforme S4F :

| | |
|---|---|
| Luxembourg | 59% |
| France | 11% |
| Espagne | 9% |
| Belgique | 7% |
| Pays-Bas | 4% |
| Allemagne | 4% |
| Italie | 3% |
| Non-U.E. | 3% |


Achats de produits alimentaires septembre 2023 - juillet 2024
Sites S4F
Produits bio-locaux
Produits locaux non-bio
Produits bio non-locaux
Produits non-locaux
SEP 23: 26 % / 39 % / 8 % / 27 %
OCT 23: 27 % / 46 % / 5 % / 23 %
NOV 23: 33 % / 41% / 6 % / 21%
DEC 23: 34 % / 41% / 4 % / 21%
JAN 24: 38 % / 34 % / 5 % / 23 %
FEV 24: 31 % / 45 % / 6 % / 19 %
MAR 24: 27 % / 45 % / 5 % / 23 %
AVR 24: 36 % / 35 % / 5 % / 23 %
MAI 24: 36 % / 37 % / 8 % / 19 %
JUIN 24: 26 % / 39 % / 11 % / 24 %
JUILLET 24: 25 % / 49 % / 6 % / 19 %

# Achats de produits alimentaires septembre 2023 - juillet 2024

## Sites NON-S4F

